



## 19<sup>e</sup> séance

Jeudi 13 décembre 2001

Présidence

M. Jean Spautz, Président

### Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Discussion générale – Suite*)
3. Dépôt d'une proposition de loi
4. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Discussion générale – Suite*)
5. Dépôt d'un projet de loi
6. Dépôt d'une proposition de loi
7. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Discussion générale – Suite*)
8. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Michel Wolter, Mme Anne Brasseur et M. Carlo Wagner, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

**(Début de la séance publique à 14.30 heures)**

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen? Dat ass net de Fall.

Den Här Innenminister Michel Wolter huet d'Wuert.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch den Arrêté vum 7. Dezember 2001 huet de Grand-Duc mech autoriséiert, a sengem Numm de Projet de loi portant réforme de la loi électorale vum 31. Juli 1924 hei ze déposieren;

– *Projet de loi 4885 portant réforme de la loi électorale du 31 juillet 1924 telle qu'elle a été modifiée.*

**M. le Président.-** D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Inneminister Michel Wolter, an dee Projet gëtt weidergeleet un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissiounen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir fueren haut de Mëtte weider mat eiser Debatt iwwer de Statshaushalt vum Joer 2002. Déi nei Riednerlescht ass verdeelt ginn. Als éischte Riedner ass den Här John Schummer agedroen. D'Wuert huet elo den Här Schummer.

### 2. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (*Suite*)

#### *Discussion générale (Suite)*

**M. John Schummer (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, agangs vu menger Interventioun wëllt ech awer trotzdeem nach eng Kéier op dem Här Zanussi vun de Sozialiste seng Ried vu gëschter zréckkommen. Do

huet ee jo gemengt, et wier ee wierklech an engem schlechte Film.

**Une voix.-** Jo!

**M. John Schummer (DP).-** Muss ech dem Här Zanussi rappeléieren, nodeem en hei op der Tribün ganz keck behaupt huet, et wier an dem Transport an an de Baute vun deser Regierung näischt geschitt, dass et d'Sozialiste waren, déi lo déi lescht fofzeng Joer des Ministèreen haten, an an där Period ass awer wierklech näischt geschitt. Do ass fir d'Eisebunn net ee Meter Schinn geluegt ginn.

**M. Marc Zanussi (LSAP).-** Bis elo ass och nach kee Meter Schinn geluegt ginn. Et läit nach ëmmer kee Meter.

**M. John Schummer (DP).-** Wa mer an allem Retard hunn, dann ass et wéinst engem totalen Immobilismus, deen d'Sozialisten déi lescht fofzeng Joer un den Dag geluegt hunn, haaptsächlech an deenen zwee Ministèreen. An da seet den Här Zanussi ganz kalbliddeg, am Walprogramm vun de Sozialiste stung awer dëst an dat. Ech ginn lech e Beispill vun sozialistesche Walprogramm. Fofzeng Joer hunn d'sozialistesche Ministèreen: Berg, Poos, Lahure a Wohlfart, versprach, de Statslaboratoire ze bauen. Dëst stung an all hire successive Walprogrammer. Kuerz virun de Wale vun 1994 huet den Här Lahure eng Erleuchtung kritt, a wéi en Zauberer eng Kanéngchen aus dem Zylinder zitt, huet hien e Gebai vum Giorgetti zu Gaasperech aus dem Hutt gezunn a wollt do den nationale Laboratoire dra quetschen, bis zu de Walen awer nëmmen. Dunn ass de Laboratoire erëm an den Tirang geluegt ginn, an et ass fënnf Joer weider geschlof ginn, bis den DP-Minister Carlo Wagner koum an endlech Neel mat Käpp gemaach huet.